

An der Apdikt.

(Den Apdikter stêt am weisse Schirteg sche' propper a frendlech hannert der Te'k a schafft un enger Medezin. Du kent de Jempi eran.)

Jempi: (an engem Feier) Wann ech gelift, eist Lisi geseit net me' aus den Aen eraus! —

Apdikter: A wat ass da geschitt? Wat häss du gèr?

Jempi: Seng Ae sin zo', ganz zo'! O mei Gott, an e Gesicht huot et! Meng Mamm huot gekrascht! An d'Lisi ass eso' komesch! Ech kent mech do't lâchen an da jeitzt meng Mamm! An da kent hatt mer nogelaf, fir mer eng ze tèsselen. An dann tröllit et iwer d'Still! Hèr Apdikter, an da muss ech ere'scht lâchen! O Hèr Apdikter, wann der et gese'cht!!

Apdikter: Ma, wat ass da geschit? Wat häss du gèr?

Jempi: A seng Bâcken! We' de Vollmo'nd, soen ech iech! Dat war ob ênt zwê geschitt! Et huot eng Ke'er hârt gejaut, du war et geschitt!

Apdikter: Ma wo' dann? Wat dann?

Jempi: Ech hat zo' em gesot, et soll hei bleiwen! Mei Papp hat em et verbuoden a meng Mamm huot et emmer wèggjejt!

Apdikter: Ma da so mer dach emol endlech wuor et da war!

Jempi: Elo sét et och, et geng net me' hin, mè gëldir, elo ass et ze spe't! Hanneno da kommen se rosen. Huot der neischt am Boutique fir wann eê eso' geschwollen ass?

Apdikter: Huot et d'Zänn we'h.

Jempi: Et wär kê Wonner, Hèr Apdikter, et knat vu muorgens bis owends emmer Knippercher a Karamëllen. Ech hun em dat och schon gesot. Awer, de' Zort he'ert net op ên aneren. An Zännwe'h, dat ass neischt guddes. Ech hun och schons vill dermat ze peife krit. Kuckt emol, hei hun ech ê barbareschen hinnen am hönneschten Eck, dir könnt d'Fauscht dra léen, Hèr Apdikter! Ech könnt jo och so'ren, ech hun och schons geso'ert, mè elo sin ech dach ro'eg, net we' eist Liss.

Apdikter: Dann huot de' Fläsch hei mat der Watt, dat lét der èrem Elis op de Bâck, wann et d'Zänn we'h huot, an dann — .

Jempi: Ma Hèr Apdikter, hatt huot d'Zänn jo gur net we'h!

Apdikter: Ma wat félt em dann! Du huos mer dach vu senge geschwol-lene Bâcke geschwat.

Jempi: A jo! Et huot de' och ronn ewe' eng ganzeg deckeg Kíscht, mè an den Ae sin dach këng Zänn!

Apdikter: Allerdings net.

Jempi: Meija! An ech hun iech jo gesot, seng Ae wären zo'! Hèr Apdikter, et huot mir schons emmer eso' gelunge gekuckt, zemol wann et grad erwächt ass. An dann huot et emmer müssen an alles schniéwelen! Hèr Apdikter, eso' èppes Virwetzege we' eist Elise huot dir nach net gesin! Ech kucke jo och emol gèr, ech hat qo och schons meng Aen êmol we'h. D'lèschter nach, we' ech mat menger Mamm an de Bad no Mondorf bei meng Matant Jènn war, du hun ech och aus dem Zug erausgekuckt. Hèr Apdikter, sit dir schons mam Zug no Mondorf gefuor?

Apdikter: We'sst ech emol, wat èrem Elise wär.

Jempi: Abé, da jé alt, lôsse mer son et wär eso'. Ech soen, du hun ech och aus dem Zug erausgekuckt. Ech hun d'Ae we'h kritt vum Zoch! Mè net we' eist Liss! Dir misst de' Ae gesin, Hèr Apdikter.

Apdikter: Wann et weider neischt ass, dat ass net eso' schlemm. Ech gin dir elo èppes fir d'Aewe'h. Domat plâtscht der all Dag.

Jempi: Mè, Hèr Apdikter, hatt huot d'Ae net we'h, sie sin neme geschwollen, wèll de Bâck geschwollen ass. Kuckt emol gutt. So' ronderemer, hei, op der Seit wor d'Lach.

Apdikter: A, endlech! Et ass gefall, et krût eng be's Wonn, et ass alles geschwoll, an d'Ae si mat zo'gång! —

Jempi: Hèr Apdikter. bannenan sin seng Aen eso' gutt a sche'n we' èr a meng. Mè baussen erem ass alles zo'. — Et wär net fir d'e'scht, datt hatt gefall wär! 'T ass am Fong en haselecht Dengen. Et war emol eng Ke'er menger Mamm an de Möllechémér getrollt! Dat war démols och net kamo't. Ech ko'm grad aus der Scho'l.

Apdikter: Jé, jé! Ech woll de' Mölechgeschicht net wössen. We' ass de' Wonn? We' geseit se aus?

Jempi: Sie ass op der Seit, sot ech jo, ongefè'er eso' an deser Ge'gend. (weist op d'Aen) An dat muss neischt kamo'tes sin, so' klèng et och ass. Kuck, wann et net eso' barbaresch geschwolle wär, da ge'f ech soen, hatt ge'f sech nemen eso' vermâchen. Dat sin seng Tricken, Hèr Apdikter! Dir huot nach neischt eso' gesin! We' et d'Po'cke gesat huot krit, du war et nach nemen eso' e Bömmelchen . . .

Apdikter: Jé, jé! Hei ass dach neischt vun de Po'ken, so mer mol endlech . . .

Jempi: A nén, vun de Po'ken ass et net, wèll dat si schons 8 Joer. Ech war démols nach me' klèng, mè ech wéss et nach ganz gutt. Meng Mamm ziélt mer nach emmer ...

Apdikter: Elo get et awer Zeit! Wanns du mer elo net hurteg sés wat èrem Elis geschit ass, da gin ech menger Wé, a lôsssen dech elèng hei an der Apdikt stoen.

Jempi: Oho! A wann dann e Mensch kent, dé gèr èppes hätt? Pastillen, Watt, Modröpsen, Kampfer an nach eso' è Gezorts, ma sot emol, da misst dir awer eremkommen. Wèll ech gin net fort bis ech èppes hun. Dat muss eng Ke'er ophe'ren dohêm mat dém Gewe'mer.

Apdikter: Hei huos de Tafta a Schmier fir op de' Wonn...

Jempi: Ma, ech mènge net, Hèr Apdikter, dir gesitt de' Wonn gur net, et war nemen e ganzt klèngt Lächelchen.

Apdikter: Ech gin net klug aus all dengem Geschwätz.

Jempi: Mè, ech explize're mech dach genug!

Apdikter: Nemeñ zevill. Laf hém a breng mer dat Elis emol heihinnen...

Jempi: O Hèr Apdikter, dir ge'ft dach fortlafen, wann der dat Gesicht gese'cht! Eso' èppes! A wîe ge'f mir dat Främensch heihinne schlèfen? Et schummt sech virun der Welt. Et setzt op senger Kummer! O ech könnt mech do'tlâchen! Nén, heihinne ke'm hatt net!

Apdikter: Da wèrde mer d'Apdikt wuol musse hei batt droen! —

Jempi: Dat gese'ch ech awer och emol gèr! We' ge'f der dat mâchen, Hèr Apdikter? Et kent emmer e Scho'schter an eist Haus, dén huot sei Boutek um Reck. Ke'mt dir och eso' we' de Sômmännchen an de billige Pappa?

Apdikter: Da so mer emol kûrz a gutt was du mèngst ass em wär.

Jempi: Ech, Hèr Apdikter, si kên Dokter, an ech gin och kên, ech hu vill ze vill Spâss mat Pèrd a Ke'h. Ech soen iech: Vun dèr ganzer Geschicht kënnen ech neischt.

Apdikter: Sapristi! Da scheck mer deng Mamm emol heihinnen.

Jempi: Ma sot emol, wann de' gèr komm wär, dann hätt sie mech net gescheckt. A mèngt dir an dém Wiéder.

Apdikter: Elo hun ech dés awer grad genug. So mer mol, we' ass dat gâng mat dém Ongleck.

Jempi: Dat war weider kên Ongleck. D'Beie stin am Gârt. — — —

Apdikter: Aaa! Endlech! Huot eng Bei et gestach?

Jempi: Majo gewess, wat hat dir da gemèngt? — — —

Apdikter: Dann hei, mei Jong, huol de' Fläsch a laf se'er hêm. 'T ass fir 10 Sous.

Jempi: 10 Sous! Dat gêt jo nawèll fir an enger Apdikt, ech duocht dé Spâss ke'm eist Liss deier stoen. Ech hu bal mussen fir 10 Sous schwätzen.

Apdikter: An ech fir 10 Frang nolauschteren.

Jempi: Merci awer, an hei sin d'Souen! Wann der awer gèr an eist Haus kommt, Hèr Apdikter, braucht der awer net ze fèrten.

Apdikter: Eddi, bis eng aner Ke'er, mei Jong.

Jempi: Eddi a merci, a spuort iech gesond!

Apdikter: A wann elauter eso' Patre'ner ke'men?

